LSAP

N°6089
Reçue le 22.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 22.04.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den Accord, deen den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend esou wéi d'Gewerkschaften ALEE, SLEG an SPEBS, déi an der Confédération générale de la Fonction Publique (CGFP) affiliéiert sinn, de 16. November 2021 ënnerschriwwen hunn, huet als Ziel d'Qualitéit an de Volume vun der Aarbecht vum sozio-edukative Personal, dat mat Kanner mat spezifesche Besoine schafft, ze assuréieren a preziséiert d'Tâchen esou wéi d'Aarbechtszäitverdeelung vum betraffene Personal. Den Accord gesäit vir, datt d'Mesure fir d'Rentrée 2022-2023 a Kraaft sinn an datt an der éischter Hallschent vun 2022 e Gesetzprojet deposéiert gëtt fir d'Funktioun vum Chef de Service EPS festzeleeën.

D'"Association du Personnel des Centres de Compétences et de l'Agence (APPCA)", déi eenzeg Personalvertriedung mat engem Agrément ministériel am Beräich Kanner a Jugendlecher mat spezifesche Besoinen, an den SEW/OGBL contestéieren den Accord. D'APPCA war net an d'Verhandlunge vum Accord agebonnen, obschonns d'Associatioun am Virfeld u Reuniounen an Aarbechtsgruppen deel geholl huet fir eng legal Basis fir d'Personal, dat mat Kanner mat spezifesche Besoine schafft, ze schafen. An hirem Communiqué vum 7. Februar 2022 deelt d'APPCA mat, datt si zesumme mam SEW/OGBL d'Procédure de Litige bei der Commission de Conciliation ageleet hunn.

An dësem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister folgend Froe stellen:

- Gesäit den Här Minister vir, alleguerten d'Bestëmmunge vum Accord mat engem Projet de Loi ëmzesetzen?
- Sinn déi concernéiert Schoulen, Beruffsgruppen a Kompetenzzentren iwwer den Accord esou wéi déi nei Bestëmmungen, déi ab der Rentrée 2022-2023 solle gëllen, informéiert ginn? Wa jo, wéini a wéi?
- Firwat ass d'APPCA net an d'Verhandlunge vum Accord agebonne ginn?
- A wéi engem Stadium befënnt sech aktuell d'Procédure de Litige mat der APPCA a mam SEW/OGBL?

Mat déiwem Respekt,



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6089 vun den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo a Simone Asselborn-Bintz**

**Ad 1)**

Nët all d'Elementer déi am Accord mat de Syndikater vun der CGFP festgehale goufen, erfuederen eng nei oder verännert Gesetzeslag. Allerdéngs ass et esou, datt de Groussdeel vun de Bestëmmungen déi am Accord festgehalen goufen effektiv e legislative Prozess viraussetzt, sief dat iwwert de Wee vu neie Gesetzer oder Reglementer respektiv der Modifikatioun vun der aktueller Gesetzeslag.

**Ad 2)**

De 16. November 2021, dem Dag vun der Ënnerschrëft, hunn ech d'Mataarbechter an d'Direktiounen aus de Grondschoulen, de Lycéeën an de Kompetenzzentren per Bréif iwwert den Accord informéiert.

An den Deeg no dem Ënnerschreiwen gouf den Accord deene jeeweilegen Direktiounen (18.11. fir den Enseignement secondaire, 19.11. fir d'Kompetenzzentren an 23.11. fir d'Grondschoul) am Detail virgestallt. Dëst ënnert anerem och mat der Finalitéit, datt déi verschidden Direktiounen hire Mataarbechter dës Informatiounen och nach ee Mol selwer kënne matdeelen an och éischt Froen vun de Mataarbechter kënnen beäntwert ginn.

Déi vum Accord betraffen Agenten aus deene jeeweilegen Servicer goufen och kollektiv den 2. Februar 2022 vum Educatiounsministère per Newsletter iwwert déi wichtegst Elementer vum Accord informéiert.

Doniewent hunn d'Gewerkschaften hirersäits hir Memberen och iwwert d'Modalitéiten vum Accord informéiert.

**Ad 3)**

Fir all den Associatiounen a Gewerkschaften aus dem Beräich vun der Educatioun, onofhängeg vun hirer Representativitéit, d'Méiglechkeet ze ginn sech un den Diskussiounen ronderëm d'Definitioun vun den Tâchen an de Missiounen vum edukativen an psycho-soziale Personal an der Educatioun ze bedeelegen hunn nët manner wéi 10 Aarbechtssitzunge stattfonnt un deenen d'APCCA och deelgeholl huet.

Dëst temoignéiert vun der Bereetschaft an dem Wëllen vum Educatiounsministère fir e méiglechst breede Konsens mat all de potentiell concernéierten Associatiounen a Gewerkschaften aus dem Beräich vun der Educatioun kënnen ze fannen. Letztendlech huet sech awer erausgestallt, datt nët all Partner bereet war e Konsens ze fannen.

**Ad 4)**

Nodeems d'Commission de conciliation vun der APCCA (Association du Personnel des Centres de Compétences et de l'Agence : éducatif et psycho-social) an dem SEW/OGBL (Syndikat Erzéiung a

Wëssenschaft am OGBL) saiséiert gouf, préift dës Kommissioun aktuell d'Fro ob e Litige tëscht dem Personal dat duerch dës Associatioune vertruede gëtt an dem Educatiounsminister iwwerhaapt virläit.

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH